Exposé iwwer de Budget 2017

Pierre Gramegna, 21.12.2016

Seul le discours prononcé fait foi

Här President,

Dir Dammen an dir Hären,

Léif Kollegen,

Virun enger Woch stoung ech op dëser Plaz fir iwwer d'Steierreform ze schwätzen. Well des Regierung iwwer déi läscht Joeren d'Staatsfinanzen sanéiert huet, a well d'Wirtschaft sech weider positiv entwéckelt huet, kënne mer mat der Steierreform de Leit Kafkraaft erëmginn, an den Entreprise méi Spillraum ginn fir ze investéieren.

Steierpolitik a Budgetspolitik sinn zwou Säiten vun der selwechter Medaille. Et geet drëm, wéivill Suen de Staat eranhëlt, a wat e mat deene Sue mécht. Dat gesäit een och ganz gutt an deene verschiddenen Avisen zum Budget, wou dëst Joer ganz Kapitelen alleng em d'Steierreform gedréint hunn.

Et wär dofir och falsch fir d'Steierreform op där enger Säit, an de Budget op där aner Säit, getrennt vuneneen ze kucken. Si sinn Deel vun engem Ganzen, a schreiwen sech an an d'Politik vun dëser Regierung, där et drëm geet dëst Land optimal op d'Zukunft virzebereeden, an d'Leiwesqualitéit vu senge Bierger ze erhéijen.

Ech wëll dofir och dem Rapporter, dem Claude Haagen Merci soen fir säin excellente Rapport, an deem hien déi grouss Zesummenhäng ganz gutt erkläert huet.

Ech wéilt a mengem Exposé haut de Moien den Accent virun allem op de Budget fir d'Joer 2017 leeën, vu dass mer schonn am Abrëll d'Geleeënheet haten, iwwer déi grouss Orientatiounen vum Budget Pluriannuel ze schwätzen.

Beim Dépôt vum Budget 2017 am Oktober vun dësem Joer hunn ech e mat 3 Valeuren charakteriséiert : **Qualitéit, Solidaritéit an Kompetitivitéit.**

Et ass ee Budget vun der Qualitéit, well en den Accent op Qualitative Wuesstem leet. Et ass ee Budget vun der Solidaritéit, well en den Zesummenhalt an der Gesellschaft weider stäerkt; an et ass et Budget vun der Kompetitivitéit, well en eist Land an eis Wirtschaft op d'Erausfuederungen vun der Zukunft virbereet.

Déi selwecht Valeuren fannen sech och an der Steierreform erëm. Des Regierung mécht also eng ganz kohärent Finanzpolitik, wou alles gutt anenee gräift.

Ech wëll dat och nach emol un Hand vun de Schwéierpunkter vum Budget fir d'nächst Joer ënnersträichen, déi ech jo schonn am Oktober virgestallt hat :

I. Schwéierpunkter vum Budget 2017

An deene leschten zwanzeg Joer ass d'Zuel vun den Awunner hei am Land ëm 40% gewuess, an déi vun de Frontalieren huet sech verdräifacht. [Vun 57.573 am 1ten Trimester 1996 op 174.669 am 1ten Trimester 2016.]

Dat ass eng Entwécklung, déi an där Form net onendlech ka weidergoen. Des Regierung leet et och net drop un, 2060 iwwert eng Millioun Awunner am Land ze hunn. Mä et däerf een awer och net, wéi eis Virgänger, just nokucken, wéi ëmmer méi Leit moies am Stau stinn, ëmmer méi grouss Deeler vum Land verbaut ginn, an eis Infrastrukturen aus allen Néit platzen. De Wuesstem muss net gebremst, e muss encadréiert ginn. D'Regierung leet den Accent dofir konsequent op 2 Axen :

1) Investéieren fir eis Infrastrukturen auszebauen an ze moderniséieren, fir d'Liewesqualitéit am Land ze verbesseren.

2) Investéieren fir de qualitative Wuesstem ze förderen. Fir och mat manner wéi enger Millioun Awunner deen Liewensstandard ze halen, dee mer haut hunn.

De Budget vum nächste Joer geet dofir och schonn éischt Schrëtt a Richtung Emsetzung vun der Rifkin-Etude. An e setzt kloer landesplaneresch Accenter am Sënn vun der Regierung hirer Strategie, déi de Minister Bausch leschte Mount presentéiert huet.

Eist Land kann sech net weider erlaben diffus a quantitativ ze wuessen, mä muss raimlech Schwéierpunkte setzen. Dofir läit an den nächsten Joren den Accent op Investissementer déi d'Mobilitéit tëscht eisen 3 groussen Zentren : dem Groussraum Esch, der Stad an der Nordstad,

verbesseren. 674 Millioune ginn an den nächste 5 Joer op deem Axe investéiert.

Fir d'Erausfuederungen vun der Mobilitéit unzepaken, muss een multimodal denken. Am Budget 2017 gëtt méi wéi jee den Accent op de Velo, Tram, Bus, Zuch an Emsteigplatformen gesat.

Lëtzebuerg investéiert awer och baussent dem Transport weider massiv a gréng Infrastrukturen. Dorënner falen Investissementer um Niveau vum Ëmweltschutz, vum Waasserschutz, an vum Klimaschutz. Dës nohalteg Investissementer, déi zur Liewensqualitéit vu jidderengem bäidroen, sinn ënnert dëser Regierung progressiv eropgaang, a leien 2017 op engem Rekordniveau, méi wéi duebel sou héich wéi 2013. Alles an allem maachen se 2017 iwwer 617 Milliounen, oder ronn ee Véirels vun allen Investissementer vum Staat aus.

De Wunnengsbau ass a bleift eng vun de Prioritéiten vun dëser Regierung. De Budget vum Ministère du Logement geet 2017 4% erop, op dann 210 Milliounen. Des Augmentatioun ass zum gréissten Deel op de Finanzement vun neie Logementer zréckzeféieren.

Am Sënn vum qualitative Wuesstem start d'nächst Joer d'Klimabank, där hiert Ziel et ass, d'Klimasanéierung vun existente Wunnengen ze finanzéieren. Ausserdem wäert et vun 2017 un och eng nei Prime ginn fir déi Leit, déi wëllen een "Certificat de la durabilité d'un Logement" opstelle loossen.

Eiser Wirtschaft geet et gutt. Den Débat iwwer d'Competitivitéit virun e puer Wochen hei an der Chamber huet gewisen, dass d'Weiche gesat sinn, fir dass dëse positiven Trend och weider unhält. Nei Firme

kommen op Lëtzebuerg a schafen Aarbechtsplazen. Am europäesche Verglach leie mer doranner ganz vir bäi.

Säit Oktober, wou ech de Budget virgestallt hunn, ass de Chômage nach emol vun 6,3% op 6,2% erofgaang. Dat sinn 873 Leit manner, déi eng Aarbecht sichen, wéi nach virun engem Joer. Och wann de Chômage weider héich bleift, ass dat deen niddregsten Niveau säit Oktober 2012. Mir sinn also un richtege Wee, an 2017 soll deen Trend och unhalen.

Dat ass eng gutt Noriicht fir eise Budget. Wat méi Leit eng Aarbecht hunn, wat méi Leit Steieren a Bäitreeg bezuelen, an domatter hëllefen eise Sozial- a Pensiounsystem ze finanzéieren. A wat manner Leit am Chômage sinn, wat de Staat manner Indemnitéiten ze bezuelen huet. Dofir kënne mer 2017 d'Dotatioun vum Fonds pour l'emploi em 75 Mio erofsetzen.

Am Sënn vum Qualitative Wuesstem wäert de Staat an den nächste Joren besonnesch déi Secteure förderen, an deenen nei Aarbechtsplazen entstinn, déi eng besonnesch héich Plusvalue schafen, Aktivitéiten also, déi et erlaben, mat manner Aarbechtsplazen méi Wuesstem ze schafen.

Fir des Transitioun ze begleeden, wäert de Staat d'nächst Joer 15 Milliioune méi an d'Weiderbildung investéieren, an sou hëllefen d'Leit fit ze maachen fir nei Aarbechtsplazen am Sënn vum Qualitative Wuesstem.

Am Kader vum Programm "Luxembourg 2020" huet d'Regierung sech engagéiert d'ëffentlech Investissementer an d'Fuerschung zu Lëtzebuerg bis 2020 op een Niveau tëscht 0,7% an 0,9% vum PIB eropzefueren. Des Fourchette hu mer och erreecht.

Tëscht 2014 an 2017 wäert des Regierung 1,15 Milliarden an d'Recherche an an den Enseignement Supérieur gestach hunn. Am Budget 2017 geet d'Contributioun fir d'Uni nach emol +6,78% op dann 160 Milliounen erop. D'Resultater loosse sech weisen. Bannent deenen nächsten 10 Joer wëll d'Uni Lëtzebuerg bis an déi weltwäit Top 10 vun de beschten Unien ënner 50 Joer eropklammen. Schon haut ass d'Uni een wichtegen Atout fir eis Wirtschaft an eis Finanzplaz, an d'Synergien op deem Gebitt wäerte sech iwwert déi nächst Joren nach weider verstäerken.

De Staat investéiert och weider an ee performanten ëffentlechen Déngscht. An engem Land wat 4% wiisst, da muss een dofir suergen, dass ee genuch qualifizéiert Leit huet, fir dee Wuesstem och op Staatssäit ze begleeden.

Dofir ginn iwwer déi nächst 2 Joer d'Peie beim Staat revaloriséiert, an dofir wäerten 2017 iwwer 1000 Leit nei agestallt ginn. Dee gréissten Deel dovunner am Enseignement, fir eis Kanner optimal op d'Zukunft virzebereeden. Awer och bei allen anere Servicer vum Staat.

E besonneschen Accent wéilt ech dann nach op déi bannescht Sécherheet leeën. Am Kontext vun der Policereform ginn 2017 100 nei Poste geschaf. Zousätzlech Moyenen sinn bereet gestallt fir hirt Équipement. De Budget vum Ministère vun der Sécurité Intérieure geet 2017 +8,98% erop.

Een anere Punkt op deen ech speziell wéilt agoen ass d'Flüchtlingsproblematik. Mir hunn 2017 40 Milliounen virgesinn fir déi

Erausfuerderung ze stemmen, an déi Leit sou gutt wéi méiglech an eis Gesellschaft ze integréieren. Déi tragesch Aktualitéit ronderëm d'Eventementer zu Aleppo weisen eis, dass des Situatioun nach sou bal net wäert geléist ginn.

Wat zu Aleppo geschitt weist eis och, dass et net duergeet, Léisungen ze fannen, wann d'Leit bis zu Lëtzebuerg ukomm sinn, et muss een de Misär och bei der Wuerzel paken.

- Lëtzebuerg bleift dofir net nëmmen no bannen, mä och no baussen ee solidarescht Land. D'Entwécklungshëllef bleift weider bei exemplareschen 1% vum RNB (Revenu national brut), wat mat sech bréngt, dass se 2017 an absoluten Zuelen em 22,5 Mio eropgeet. 2017 sinn alleng fir d'Kris a Syrien (fir Hëllef a Syrien an an den Nopeglänner, déi vun der Kris direkt betraff sinn) 7,5 Milliounen virgesinn.

- Mir halen och fest um Objektiv eise Verteidegungsbudget progressiv op 0,6% vum PIB eropzefueren. D'Dotatioun vum Fonds militaire geet dofir 2017 20 Milliounen erop.

II. Vue d'Ensemble

Aus zäitleche Grënn kann ech net op all Posten am Budget am Detail agoen, dat ass och zum groussen Deel an de Rapporte an Avisen gemaach ginn, an déi eenzel Riedner wäerten an den nächsten Deeg och nach d'Geleeënheet hunn, dat ze maachen.

A sengem Rapport huet den Här Haagen 3 grouss Recommandatioune gemaach :

1- De Budget Pluriannuel méi strategesch ausriichten

2- De Comité des prévisions institutionnaliséieren

3- D'Compatibilitéit vum Staat méi no un d'SEC2010 Normen eruféieren.

Ech si mat deene Recommandatiounen ganz averstan, a kann elo scho verspriechen, dass mer d'nächst Joer dorunner schaffe wäerten. Am Sënn vun där leschter Recommandatioun wéilt ech d'Vue d'ensemble vun den Zuelen dann och no SEC2010 maachen.

Fänke mer un mat den Dépense vun der Administration Centrale :

Am Total sinn dat 17,9 Milliarden. Wéi deelen déi Dépensen sech op ?



1) Dee gréissten Deel vun den Dépense vum Staat sinn Transferten un d'Sécurité Sociale, Sozialleeschtungen, Subsiden, an aner Transferts de Revenus : zesummen 8,3 Milliarden, also bal d'Halschent vun allen Dépensen.

Dëse Budget ass also ee Budget vun der Solidaritéit. E schreift sech domatter voll an d'Kontinuitéit an vun de Budgeten vun de Joren virdrun, déi och schonn ee grousse Wert op dësen Aspekt geluecht haten.



De soziale Charakter vun eisem Budget gëtt och nach emol ënnerstrach, wann een d'Lëscht vun deene Poste kuckt, déi tëscht 2016 an 2017 am meeschten eropginn. Do fënnt een :

- +49 Mio fir d'Allocations Familiales
- +42,8 Mio fir de Congé Parental
- +26,4 Mio fir d'Chèques Services
- +22,6 Mio fir d'éducation plurilingue vun de Kanner

Dëst alles si weider Puzzlestécker vun engem Bild, wat lo ëmmer méi komplett gëtt, a weist, wéi des Regierung grad d'Allengerzéier an Familljen mat Kanner konkret ënnerstëtzt.

Ech wëll och nach emol drun erënneren, dass de Mindestloun 2017 eropgeet, an dass mat der Steierreform grat déi Leit mat de klenge a mëttlere Salairen am meeschten entlaascht ginn.

2) Deen nächste grousse Posten ass dee vun de **Rémunératiounen**, 3,878 Milliarden Euro – géingt 3,824 Milliarden virum Gehälteraccord. Dir gesitt also, dass sech den Impakt dovunner op de Budget vum Staat a ganz vertrietbare Grenzen hält.

Och hei lount sech de Verglach mam PIB :



3) Direkt duerno kommen d'**Investissementer**, <u>2,362 Milliarden</u> Euro. **D'Investissementer sinn de Schlëssel, fir d'Politik vun dëser Regierung richteg ze verstoen.**

Säit 2013 sinn d'Investissementer hei am Land iwwer 40% eropgaang. Och 2017 an d'Joren duerno wäerten d'Investissementer weider ropgoen, an op engem héijen Niveau gehale ginn.



Mir investéiere méi wéi duebel sou vill, wéi mer Defizit an der Administration Centrale hunn. An anere Wieder : mir bräichten just d'Investissementer ze kierzen, fir een Iwwerschoss auszeweisen. Ma da solle mer déi Leit, déi dat wéilten, awer och soen, wou se da géife kierze goen. Wéi eng Schoul, wéi ee Spidol, wéi eng Strooss, se dann net baue géifen.

Ech soen iech, déi Investissementer sinn néideg, mir mussen eis se leeschten, a mir kënnen eis se leeschten.

Et kann een dovunner ausgoen dass **iwwer déi ganz Legislaturperiod ongeféier 3/4 vun den Investissementer mat lafende Recetten bezuelt wäerte ginn, an nëmmen 1/4 iwwer Emprunten.**

Et kéint ee souguer soen : "*Et wier keng falsch Politik wa mer dës Investissementer – vun deene jo och déi nächst Generatioune profitéieren – integral iwwer Scholdenophuele génge finanzéieren*."

Integral. Dat sinn net ech deen dat seet, dat war den Jean-Claude Juncker a senger Ried vum Etat de la Nation 2013. Also schonn no der Kris. Mir maachen haut méi eng virsiichteg Politik.

An de leschte Wochen hunn ech och Deputéierten vun der Oppositioun gehéiert, déi sech driwwer opgereegt hunn, dass Lëtzebuerg, an Zäite vu Wuesstem, anescht wéi Däitschland, keng "Schwarze Null" schreift.

Loosst mech och dozou nach emol den Här Juncker zitéieren : "*Wa mer et géife maache wéi déi Däitsch (…) da kënnte mer esouguer eng Milliarde Euro aspueren. Da géife mer haut spueren, mee ee Stéck Zukunft verléieren. Däitschland huet bei wäitem net iwwerall Modellcharakter an 't ass net iwwerall ee Beispill deem ee soll nogoen.*" Do sinn ech absolut mam Här Juncker averstan. An Däitschland sinn d'Investissementer laut den Zuele vun der EU Kommissioun tëscht 2013 an 2016 em just 11,4% gewuess. Bei eis em 41,6%. 2017 investéiert Lëtzebuerg 4,1% vu sengem Räichtum, Däitschland just 2,3%. Dofir kritt Däitschland och vun der Kommissioun gesot, si sollte méi investéieren, während Lëtzebuerg haut schonns europäesche Spëtzereider ass. Lëtzebuerg huet säi budgetäre Spillraum ("Fiscal Space") also ausgenotzt.



D'Investissementer déi mer haut maachen, droen dozou bäi, eist Land méi kompetitiv ze maachen, si schafen Aarbechtsplazen, a sécheren Wuesstem och an Zukunft.

An anere Wieder : mir hu keen Defizit an der Administration Centrale opscho mer héige Wuesstum hun, mä grat well mer scho säit Joren héige Wuesstum hunn, an eis Infrastrukten entspriechend mussen upassen. D'Chambre de Commerce seet et an hiere Avis iwwer d'Hausse vum Investissement public : *'Loin de s'agir d'un 'luxe' que le*

pays d'offre, ils correspondent à une nécessité absolue pour rattraper les retards au niveau des infrastructures.'

D'Economiste vun all de groussen internationalen Organisatiounen, op lo FMI, OCDE, BCE oder Europäesch Commissioun, sinn sech eens, dass dat de richtege Wee ass. Meng Kollege Finanzminister am Ecofin félicitéieren eis fir déi gutt Aarbecht. Just d'Oppositioun zu Lëtzebuerg schéngt anerer Meenung ze sinn.

4) De 4t gréisste Posten an eisem Budget vun der Administration Centrale, mat 1,8 Milliarden, sinn **d'Transferten un d'Gemengen**. Och do gesäit een, dass de Budget keen isoléiert Gesetz ass, mä sech aschreift an ee Gesamtkonzept, mat der Reform vun de Gemengefinanzen, déi nächst Joer a Kraaft trëtt. Eng Reform, mat där keng Gemeng manner kritt ! Mat der Reform gëtt een neien Fonds de dotation globale des communes geschaf, deen den Fonds Communal de dotation financière ersetzt. Ënnert dem Strëch ginn d'Transferten un d'Gemengen 2017 ronn 100 Milliounen erop.

5) Réischt duerno, op 5ter Plaz, kommen **d'Fonctionnementskäschten**, mat 1,3 Milliarden.

1,3 Milliarden, dat sinn ongeféier 7,5% vum gesamte Budget vum Zentralstaat. Dee Ratio bleift am Budget Pluriannuel och iwwert déi nächst Joren relativ stabil.

Dat weist, dass den Zukunftspak fonctionnéiert. A sengem Kär ass den Zukunftspak een Ensembel vu strukturelle Mesuren, déi drop

erauslafen, den Staat méi efficace ze maachen, an d'Fonctionnementskäschten am Grëff ze halen. Well dat fonctionnéiert, hu mer haut an an den nächste Joren de Spillraum, dee mer gebraucht hunn, fir eng méi generéis a méi sozial Steierreform ze finanzéieren.

6) Dee leschten, an och klengste Posten sinn **d'Zënsen op der Staatsschold**. Déi leie mat 227 Milliounen an der selwechter Gréissenuerdnung wéi dëst Joer an och déi Joren drop. Dat läit zum engen dorunner, dass mer déi existent Schold zu méi nidderegen Tauxen wäerten refinanzéiere kënnen; zum aneren, dass déi Schold nëmme moderat wäert viru wuessen.

Komme mer dann elo zu de Recette vum Staat

Fir d'nächst Joer rechne mer mat 16,9 Milliarde Recetten.



1) De gréissten Deel dovunner kënnt aus den direkte Steieren, déi d'Leit an d'Entreprisen bezuelen, an déi vun 7,3 Milliarden am Joer 2016 op 7,5 Milliarden am Joer 2017, also 2,9% erop ginn.

Souguer mat der Steierreform ginn d'Recetten um Niveau vun den direkte Steieren deemno nach liicht erop, wat also och op deem Gebitt weist, dass dat eng Steierreform ass, déi mer eis leescht kënnen.

2) Och déi indirekt Steieren, déi deen 2t-gréisste Posten ausmaachen, entwéckelen sech weider positiv, wann och méi lues, wéi mer dat laang Jore gewinnt waren. 2017 rechne mer bei den indirekte Steieren mat Recetten vun 6,4 Milliarden, géingt 6,2 Milliarden dëst Joer.

Um Niveau vun der TVA rechne mer ënnert dem Strech mat engem liichte Minus vun 1%, an dat wéinst dem negativen Impakt vun de Changementer bei der TVA um Commerce électronique.

Säit 2007 war gewosst, dass Lëtzebuerg progressiv op dës Recetten Verzichte misst, well déi Europäesch Regelen entspriechend geännert hunn. Bis 2014 konnt Lëtzebuerg 100% vun all deene Recetten halen. 2015 an 2016 waren dat nach just 30% an 2017 an 2018 hu mer nach just 15% zegutt. Vun 2019 un näischt méi. D'nächst Joer schléit dat voll duerch, a mir rechnen nach just mat 86,2 Milliounen Recetten aus dem E-commerce, géingt iwwert eng Milliard um Héichpunkt [2014: 1,076 Mia EUR]. Wa mer dësen Ausfall vu ronn enger Milliard net hätten, oder wa scho méi fréi no Alternative gesicht gi wär, dann hätte mer dëst Joer iwwerhaapt keen Defizit bei der Administration Centrale.

Och d'Accisen wäerte sech mat 1,165 Mia 5,1% méi schlecht entwéckelen, wat zum engen un enger méi niddereger Consommatioun vun Uelegproduiten läit, zum aneren dorunner, dass d'Leit manner fëmmen.

Dogéint wäerten d'Recetten aus der Taxe d'abonnement, déi virun allem d'Fongen bezuelen, em 5,3% eropgoen, an op 1047 Millioune klammen. D'Fongenindustrie huet och dëst Joer schonn erëm kräfteg zougeluecht, an konnt, laut de leschten Zuelen, déi am November publizéiert goufen, dëst Joer am September mat 3.621 Milliarden, déi hei zu Lëtzebuerg verwalt ginn, een neie Rekord markéieren.

3) Mat den direkten an den indirekte Steieren si schonn 86% vun alle Recetten ofgedeckt. De Rescht sinn Sozialbäiträg, Recetten vun den Etablissements publics, Betriber, un deenen de Staat bedeelegt ass, an anere Propriétéite vum Staat, Loyeren, an divers Revenuen, zesummen 2,4 Milliarden. Dat ass ee Montant dee sech an de selwechte Parage beweegt wéi d'läscht Joer, an dee wäert och an de Joren duerno relativ stabil bleiwen.

Wat de Solde vun der d'Administration Centrale betrëfft, sou geet den Defizit 2017 effektiv op ronn eng Milliard erop, mä schonn d'Joer drop geet e rëm erof, an déi positiv Tendenz setzt sech dann och d'Joren duerno fort, fir 2020 1% oder -646 Mio ze erreechen. D'Richtung stëmmt, mä mir mussen, wéi déi läscht Joren och schonn, d'Ausgaben weider am Grëff halen.

Här President, Dir Dammen an Häre,

D'Scholdespiral ass gebrach. Sou wéi ech dat der COFIBU den 9. Dezember weise konnt, ass d'Verschëldung vun der Administratioun Publique an absoluten Zuelen tëscht 2013 an 2016 stabil bliwwen, an am Verhältnis zum BIP souguer vun 23,5% op 20,5% zeréckgaang.





Wéi mer 2013 de Regierungsprogramm opgestallt hunn, si mer dovunner ausgaang, op den Zuelen vun der fréierer Regierung, dass mer 2016, wa mer näischt maache géifen, bei 15 Milliarde Scholde leie géifen. Dank de Mesuren, déi des Regierung geholl huet, sinn et der haut just 11 !



D'Regierung huet säit se ugetrueden ass net een eenzegen Emprunt mussen ophuelen, an trotz Rumeuren an eng aner Richtung gouf och 2016 keen neien Emprunt opgeholl, an dat, obschonns mer Ufank des Joers souguer ee Kredit vun 400 Mio zréckbezuelt hunn.

A sengem schréftleche Rapport lueft den Här Haagen ausdrécklech d'Politik vun der Regierung, déi doranner besteet an engem Ëmfeld vun negativen Zënsen eng optimal Gestioun vun de Liquiditéite vum Staat ze maachen. Zu dësem Zäitpunkt ass et fir Banke méi gënschteg dem Staat kuerzfristeg fir 0% Suen ze léien, wéi déi selwecht Suen géingt Negativzënsen bei der Zentralbank ze parken. Zu dësem Zäitpunkt sinn eng fait all d'Kreditlinnen op 0.

Meng Leit an der Trésorerie halen dobäi d'Entwécklung vun de Marcheeën genee am Bléck, fir am richtege Moment - an och kuerzfristeg - kënne bereet ze sinn, fir een Emprunt erauszeginn.

Op der Basis vun dësen Entwécklungen kann ech haut eng provisoresch aktualiséiert Projektioun vun der Evolutioun vun der Dette iwwert déi nächst Joren virleeën, aus där ervirgeet, dass mer bis 2020 net nëmmen ëmmer ënnert der Limit vun 30% leie géifen (déi am Regierungsprogramm festgehalen ass), mä souguer ëmmer ënner 22%, wat also nach emol bal 2 Prozentpunkten ënnert deem leie géif, wat aktuell am Budget steet. Och dat weist, dass dat ee virsiichtege Budget ass.

	2016	**2017**	**2018**	**2019**	**2020**
Budget pluriannuel 2016-2020	12,382	13,474	14,475	15,343	15,997
Actualisation Décembre 2016	**10,900**	**12,268**	**13,269**	**14,137**	**14,791**
Budget pluriannuel 2016-2020	23.2%	23.6%	23.8%	23.8%	23.7%
Actualisation Décembre 2016	**20.5%**	**21.5%**	**21.8%**	**21.9%**	**21.9%**


35,0%
30,0%
25,0%
20,0%
15,0%
10,0%
5,0%
0,0%
23,7%
21,9%
2010
2011
2012
2013
2014
2015
2016
2017
2018
2019
2020
Actualisation décembre 2016
Budget pluriannuel 2016-2020

Och dat muss een am europäesche Vergläich kucken :

Dette publique – évolution de 2013 à 2016



Source: Commission européenne, base de données AMECO, prévisions de novembre 2016.

Dette publique – évolution de 2013 à 2016



Source: Commission européenne, base de données AMECO, prévisions de novembre 2016.

Ech wëll och nach emol ënnersträichen dass de Solde vum Gesamtstaat, also vun der Administration publique, iwwert déi ganz Period bis 2020 am positive Beräich leie wäert, an och ëmmer den Objectif à moyen terme (OMT) respektéiere wäert.

Ech wëll drun erënneren, dass déi läscht Regierung an hirem leschte Programme de Stabilité et de Croissance vum Abrëll 2013 nach dovunner ausgaang ass, dass Lëtzebuerg säin OMT net erreeche géif. Ech zitéieren :

« le PSC prévoit une hausse du déficit de l'administration public en 2015-2016 avec un solde structurel correspondant qui s'écarte par rapport à l'objectif budgétaire à moyen terme. Le Gouvernement affirme néanmoins son engagement à mettre en œuvre une politique budgétaire qui rétablira le respect de l'objectif budgétaire à moyen terme en 2016 ou 2017 au plus tard. »

Nët nëmmen hu mir et fäerdeg bruecht, dass Lëtzebuerg säin OMT ëmmer respektéiert an nach driwwer läit, mä en plus gouf et ënnert dëser Regierung iwwerhaapt nach keen Defizit an der Administration publique, a mir wäerten och déi nächst Joren kee hunn !

Dat ass keng Selbstverständlechkeet, mä d'Resultat vun enger disziplinéierter Politik. D'Resultater loosse sech, och am europäesche Verglach, weisen :

Solde budgétaire 2014 : LUX → 2e



Source: Commission européenne, base de données AMECO, prévisions de novembre 2016.

Solde budgétaire 2015: LUX → 1er



Solde budgétaire 2016 : LUX → 1er



Source: Commission européenne, base de données AMECO, prévisions de novembre 2016.

Solde budgétaire 2017 : LUX → toujours 1er



Source: Commission européenne, « 2017 Draft Budgetary Plans : Overall Assessment ».

Dat sinn net eis Zuelen, dat sinn déi vun der Commissioun ! Dir gesitt also, dass Lëtzebuerg net nëmmen iwwer d'Ronne kënnt, mä zu deene beschten an Europa gehéiert, an doriwwer sollte mer eis freeën.

Déi Zuele, déi ech grat genannt hunn, gëllen fir de Gesamtstaat, d'Administration Publique.

Wa mer eis elo den Zentralstaat, d'Administration Centrale, isoléiert ukucken, da gesäit een, dass och do d'Situatioun gesond ass. Wa mer eis d'Resultater vun de Joren 2014 a 2015 ukucken, déi schon ofgeschloss sinn, da gesäit ee ganz kloer, dass wa mer d'Charge vun de Scholden ofrechnen, den solde primaire en fait all Joer positiv ausfällt (+66 Milliounen 2014 an +35 Milliounen 2015), an och fir 2016 gesäit et sou aus, wéi wa mer d'Joer net wéi virgesinn am Minus, mä am Equiliber ofschléisse kéinten. Fir déi nächst 2 Joer sinn am Budget dann zwar rëm méi héich Defiziter virgesinn, mä duerno wäerten déi rëm progressiv erofgoen.

III. Bléck an d'Glaskugel

Bleift nach ee Punkt, an dat ass de Bléck an d'Glaskugel. A verschiddenen Avisen steet ze liesen, an och d'Oppositioun gëtt net midd et ze soen : kee weess op d'Wirtschaft an den nächste Joren net vläicht méi lues dréit wéi virgesinn, an d'Recettë vum Staat dann drënner leiden.

Ech sinn a menger Ried am Oktober am Detail op déi verschidde Risiken agaang. D'Wirtschaftslag weltwäit ass ëmmer nach fragile. De Commerce mondial leeft méi lues. De fräien Handel gëtt deelweis a Fro gestallt. D'Sécherheetslag bleift op ville Plazen bedenklech.

Mä den Tableau ass net nëmme schwarz !

- ➢ Brexit bréngt Risiken, awer och Chance fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg. D'nächst Joer wäerte mer do eng Rei konkret Annonce maache kënnen.

- ➢ Ech sot am Oktober, dass déi niddereg Zënsen fir d'Banken problematesch sinn, mä entretemps gesi mer, dass op d'mannst mol déi amerikanesch Federal Reserve weider op de Wee vun enger Hausse gaangen ass.

- ➢ Der Finanzplaz geet et gutt. Grat d'Fongenindustrie konnt iwwer déi läscht Méint regelméisseg nei Rekorder ausweisen.

- ➢ D'Präisser vun de Rohstoffer si weider niddereg, genee wéi d'Inflatioun.

- ➢ D'Steierreform wäert d'Nofro heiheem ukuerbelen an zousätzlech zum Wuesstem an den nächste Jore bäidroen.

Bei aller Virsiicht, déi gebuede ass, gëtt et also kee Grond fir a Pessimismus ze verfalen.

Et ass och net um Finanzminister fir ze decidéieren, wéi eng Wuesstums-Zuelen déi richteg sinn. Mir iwwerhuelen déi vum Statec, deen déi an aller Onofhängegkeet an Objektivitéit zesummestellt.

Am Réckbléck huet dat sech nach all Joer als gudden, a virsiichtege Choix erausgestallt, an ech hu keen Zweiwel, dass dat och weider wäert de Fall sinn.



Läschte Freideg huet d'Rating Agence DBRS hier éischt Analyse iwwer Lëtzebuerg erausginn, an och si ass, wéi virun hier schon Fitch, S&P an Moody's zur Conclusioun komm, dass Lëtzebuerg déi héchsten Note verdéngt huet, nämlech AAA mat stabiller Perspektive. Dat schafft weidert Vertrauen an Kredibilitéit, heiheem an och am Ausland.

Besonnesch interessant ass, dass des Agence och gekuckt huet, wéi ee Spillraum Lëtzebuerg nach hätt am Fall vun enger gréisserer Kris, an zur Conclusioun koum, dass souguer a sou engem "Katastrophenszenario" eist Land ëmmer nach géif all déi europäesch Kritären erfëlle kënnen.

Dofir : Jo, mir musse weider virsiichteg bleiwen, och well den Defizit an der Administration Centrale déi nächst 2 Joer rëm méi substantiell gëtt.

Mä et muss een net den Däiwel un d'Wand molen. Au contraire : mat all de Mesuren déi d'Regierung iwwer déi läscht Jore geholl huet, mat all deenen Investissementer déi gemaach goufen, a weider gemaach ginn, mat där Dynamik déi Steierreform zousätzlech brénge wäert a mat all deenen Initiativen un deene geschafft gëtt, fir d'Land fit fir d'Zukunft ze maachen, hu mer all Grond fir optimistesch no vir ze kucken.

Ech soen iech merci.

[Une version détaillée des infographiques est disponible en fichier séparé]